ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 14. Abrëll 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Verdeedegungsminister weiderzeleeden.

An deene leschte Joeren huet Lëtzebuerg sech un enger Rei vu multilateralen, militäreschen Operatioune bedeelegt, dorënner och d'Operatiounen „Irini" an „Atalanta". Fir déi Operatiounen huet Lëtzebuerg virun allem och Capacitéiten am Beräich vun der Loftopklärung zur Verfügung gestallt.

Well d'Mandater an d'Zësummesetzung vun esou Operatiounen iwwer d'Zäit variéieren, wéilt ech dem Här Verdeedegungsminister dës Froe stellen:

1. U wéi engen Operatiounen huet sech Lëtzebuerg an der Vergaangenheet mat Capacitéiten am Beräich vun der Loftopklärung bedeelegt? Wéi eng Mëttele wore konkret am Asaz? Ass dobäi ëmmer op Déngschtleeschter aus dem private Beräich zréckgegraff ginn? Wéi eng konkret Missiounen huet Lëtzebuerg erfëllt?
2. U wéi engen Operatioune bedeelegt sech Lëtzebuerg an Zukunft am Beräich vun der Loftopklärung a mat wéi enge Moyenen? Wann et Ännerunge gëtt, zum Beispill datt Lëtzebuerg sech net méi géing un enger bestëmmter Operatioun bedeelegen, wat sinn dofir d'Uersaachen?
3. Ass dru geduecht, déi zukünfteg Méiglechkeeten am Beräich vun der Buedemobservatioun duerch Satellit (LuxEOSys) och direkt fir multilateral Operatioune mat ze benotzen, un deene Lëtzebuerg sech bedeelegt?
4. Zu wéi engem Zäitpunkt kënnt et bei esou Operatioune mat Loftiwwerwaachung zu Mandatserneierungen, bei deenen d'Regierung d'Chamber muss oder wëll informéieren? Geschitt dat an all Fall nach am Kader vum aktuellen OMP-Gesetz?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten